



Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6024 vum 4. Abrëll 2022 vum Här Deputéierten André Bauler.

Wéi steet et allgemeng ëm d'Gesondheet vun eise Bamalleeën?

Ee Groussdeel vum Bestand vun den Alleeë laanscht Staatsstroosse sinn an engem allgemeng gudden Zoustand. Eis Alleeën hunn awer e relativ héijen Alter, deemno ginn et eng sëllege Beem mat enger gewësse Vitalitéitsschwächt. Bedéngt duerch déi dréchen a waarm Summeren 2019 an 2020 hunn och vill al Beem, déi mat dëse Konditiounen manner gutt auskommen, gelidden. Dëst bedeit awer net, datt vital schwaach Beem een direkte Verkéierssécherechtsproblem mussen duerstellen. Dës Beem kënnen sech ënner méi gënschtege Konditiounen dacks rëm erhuelen. Dobäi kënnt, datt déi zoustänneg Equippen um Terrain dofir suergen, datt den Entretien un de genannte Beem no de Reegele vun der Konscht gemaach gëtt.

Wéi vill krank Beem mussen an noer Zukunft gehae ginn?

Fir d'Verkéiersséchereheet ze garantéieren ginn allgemeng eng 300 bis 500 Stroossebeem d'Joer ëmgehaen. Dëst, well se duerch hire Gesondheitszoustand net kënne stoe gelooss ginn an et ass dovunner auszegoen, datt dës Quantitéit un Beem och an Zukunft wäert gehae ginn.

Wat fir eng Strategie verfollegt de Mobilitéitsministère wat den Erhalt respektiv d'Neiuplanzung vu Bamalleeën am Land ugeet?

D'Bamalleeë gehéieren zu eisem natierlechen a kulturelle Patrimoine. Grad an Zäite vu Klimawandel an der Degradatioun vum Naturraum, ass et wichteg den Erhalt vun den Alleeën ze garantéieren an dëst natierlech am Respekt vun der Verkéiersséchereheet. Deemno solle keng Beem méi a Kéieren oder op Platze mat engem potentielle Sécherechtsrisiko ersat ginn.

Zousätzlech ass awer ze betounen, dass fir all Bam dee laanscht d'Strooss steet a muss respektiv soll wechkommen, eng Autorisatioun am Kader vum Naturschutzgesetz néideg ass. Deemno besteet eng gesetzlech Verflichtung fir gehae Beem ze kompenséieren. D'Stroossebeem (am ëffentleche Raum) sinn duerch den Artikel 14 am Naturschutzgesetz geschützt a ginn och deementspreechend kompenséiert.

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch